N°4258
Entrée le 17.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4258 vum 18. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Construction d'un parking pour l'hôtel et d'un centre de bien-être à Rodange".**

Aus den Informatiounen, déi dem Inneministère zur Verfügung stinn, geet ervir, dass de Projet "Parking" an enger Distanz vun 300m Loftlinn vum zukünftegen Hotel zu Rodange an onofhängeg vun der Constructioun vun dem Hotel realiséiert gëtt. De Parking ass geduecht fir de Visiteuren vun der regionaler Schwämm PIKO Parkplatzen zur Verfügung ze stellen. D'Schwämm an de Parking leien direkt niefteneen. De Parking wäert ausserdeem payant sinn. Doriwwer eraus huet den zukünftegen Hotel eege Parkplazen an et sinn haut schonn 90 ëffentlech Parkplazen am direkten Ëmfeld vum Hotel disponibel.

D'Kogeneretiounszentral gëtt eebe falls fir de Besoin vun der Schwämm opgeriicht. Den Inneministère kann also keng Verbindung tëschent de verschidde Projeten feststellen.

1. **Hätt de Projet vum Parking am Dhoil missten d'Prozedur vun den ëffentlechen Ausschreiwungen duerchlafen?**

E Kontrakt mat engem externe Prestataire iwwer d'Realisatioun vun engem Parking an enger Kogeneratiounszentral, deen den Ufuerderunge vun der Gemeng entspréicht a bei dem d'Gemeng een Afloss op d'Natur an d'Konzeptioun vum Bau huet fält ënner d'Bestëmmungen vum ëmgeännerten Gesetz vum 8. Abréll 2018 iwwert d'Marchés publics a muss ausgeschriwwe ginn. An dësem Fall huet d'Gemeng net déi richteg Prozedur applizéiert. Den Inneministère huet d'Gemeng an engem Courrier vum 12. September 2025 do drop higewisen a si invitéiert fir an Zukunft d'Marchésgesetz strikt ze respektéieren.

2. **Gesinn d'Ministeren, dass ee Risiko besteet vun Interessekonflikter an dësem Dossier, grad am Hibléck mam Gesetz iwwert ëffentlech Ausschreiwungen?**

Op Basis vum Artikel 13 vum ëmgeännerten Gesetz vum 8. Abréll 2018 iwwert d'Marchés publics ass d'ëffentlech Hand verflicht Moossnamen ze huelen, fir Interessekonflikter, déi am Laf vun der Prozedur fir d'Vergab vun ëffentlechen Opträg optriede kennen, ze verhënnere respektiv ze behiewen, an dëst fir d'Gläichbehandlung vun den externe Prestatairen ze garantéieren.

Ob et an dësem spezifeschen Dossier ee méiglechen Interessenskonflikt gouf, ass op Basis vun de Soumissiounsdossieren déi dem Inneministère am Kader vu senger Kontrollfunktioun zougestallt goufen, net festzestellen.

Lëtzebuerg, de 17. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN